A.s.b.l.
Fondé en 1975

**Correspondance :**
M. SCHMIT Francis
16, am Wangert
L-6830 BERBOURG
☎ : 691 71 91 45
✉ : secretariat@dtberbuerg.lu

# Nationalspiller MLADENOVIC wiesselt op Berbuerg



De MLADENOVIC Luka wiesselt fir Saison 2021-22 vun Ettelbréck op Berbuerg.

De Luka ass 22 Joer al an ass aktuell d'Nummer 8 an der nationaler Ranglëscht an d'Nummer 213 an der Weltranglëscht. De Luka spillt weiderhin zu Mainz an der 2. Bundesliga a wäert net fir den DT Berbuerg um Ekippechampionnat deelhuelen.

Allerdéngs spillt de Luka alleguer déi national individuell Kompetitiounen (Landesmeeschterschaften, Masters Cup etc.) am Trikot vu Berbuerg.

**MLADENOVIC Luka:** *"De Veräin huet eng familiär Stëmmung, wou ech mech mega freeën een Deel dovu kënnen ze sinn. Zousätzlech sinn ech natierlech immens motivéiert an Zukunft den DT Berbuerg op nationalen individuellen Kompetitiounen kënnen ze vertrieden."*

**MICHELY Luc (DTB):** *"Den DT Berbuerg ass immens houfreg drop, de Luka bei sengen nationalen an internationalen Ziler ze ënnerstëtzen a mir wäerte weiderhin dem Luka säi Wee akribesch verfollegen."*



Zu senge gréissten Erfolleger ziele bis lo:

- 2x nationalen Eenzellandesmeeschter (2016-17 + 2019-20)
- Doubles Messieurs Landesmeeschter (2018-19 mam Eric Thillen)
- Doubles Mixtes Landesmeeschter (2018-19 mam Sarah De Nutte)
- Coupe de Luxembourg Gewënner (2016-17 mat Ettelbréck)